



Groupe parlementaire

N° 6821
Entrée le 12.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéierte Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Membere vum Léierpersonal an eise Lycéeën, déi op Basis vun engem Meeschterbréif agestellt goufen, kënnen sech net op de Poste vun engem Direkter an engem stellvertriedenden Direkter bewerben, obwuel si an deem Sënn dacks wichteg Erfarungen als fréier Patrone matbréngen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi dës Decisioun motivéiert ass, besonnesch wou iwwert déi lescht Jore jo och schonn d'Privatiséierung vun den Direkteschplazen an den ëffentleche Schoulen diskutéiert gouf? Géif den Här Minister hei net eng Méiglechkeet gesi fir de Pool vu potenzielle Kandidaten schoulintern ze erweideren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 6821 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Den Artikel 5 vum Gesetz iwwer d'Personalkaderen am Enseignement secondaire (*Loi modifiée du 29 juin 2005 portant fixation des cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire*) gesäit follgend Konditioune vir, déi d'Kandidate fir en Direkteschposte mussen erfëllen: « *Le directeur et le directeur adjoint sont choisis parmi les fonctionnaires appartenant ou ayant appartenu pendant cinq ans au moins au personnel de la catégorie de traitement A, sous-groupe enseignement secondaire ou sous-groupe enseignement fondamental. L'expérience professionnelle prise en considération est celle acquise à partir de la nomination définitive en tant que fonctionnaire.* »

Weder op politescher nach op gewerkschaftlecher Säit gëtt et de Moment eng Volontéit, dës Konditiounen ze änneren.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH